ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/06/2025

Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

Sëtzung vum 13 Mai 2025

Presenzen

Present	Net present
DOEMER Patrick	VOSSMAN-KIEFER Diane (entschëllegt)
PINTO Toni	MEYER Louis (entschëllegt)
WETZEL Mike	
WIRTZ Sandra	
REDING-SCHARLE Corinne	
BAUS Ben	
JENTGES Nicole	
LEROY Michelle	

Punkt 1: Entent Helperknapp

D'Kulturkommissioun huet sech mat der Entente Helperknapp befaasst. Bei dësem Punkt waart d'Kommissioun op de Feedback vun der Entente vun de Bricher Veräiner. Si géif sech freeën, wann et méiglech wier, virum Summer eng Äntwert ze kréien.

An der allgemenger Diskussioun gouf ervirgehuewen, datt d'Veräiner bei de Budden hiert eegent Material matbréngen. Wa verschidde Veräiner net all Dag kënne präsent sinn, da kéinte se sech ofwiesselen. Et gouf och d'Iddi, eventuell e weidere Glühwäin- oder Gedrénksstand opzestellen.

Punkt 2: litteraresche Cabaret - Lët'z druddel

D'Kommissioun ass interesséiert, de litteraresche Cabaret „Lët'z druddel" z'organiséieren. Am Moment ass virgesinn, datt den Entrée gratis ass an iwwer de Budget vun der Kommissioun gedeckt gëtt. Den Event géif mat Umeldung stattfannen an eventuell am Koschtesgebei organiséiert ginn. D'Iessen a Gedrénks géif vun der Kommissioun organiséiert a verkaaft ginn, an den Erléis vun dëser Aktioun géif gespent ginn.

Helperknapp, 02/06/2025

Fir déi nächst Schrëtt ze plangen, hëlt d'Kommissioun Kontakt mam Kabarettist op. Si proposéiert och, datt den Event am Bued publizéiert gëtt an freet, ob d'Gemeng de Flyer kéint iwwerhuelen.

Punkt 3: Jubiläumsfeier Gemeinde Zechin & Helperknapp

Den Orginsatiouns Komitee vun da Jubiläumsfeier huet alles organiséiert, Kommissioun hellt dat zur Kenntnis.

Punkt 4: Divers

Logoen fir Kommissiounen

D'Kulturkommissioun begréisst, dass de Patrick Doemer als Member vun da Kommissioun Relations Publiques, Logoen fir all Kommissioun ausschafft.

Visitt vun de kulturellen/historesche Siten

D'Kommissioun huet nach emol iwwer eng organiséiert Visitt vun de kulturellen a geschichtleche Siten an der Gemeng diskutéiert. Nach ass net ganz kloer, wéi eng Siten genee besicht solle ginn. Méiglech Destinatioune sinn den Helperknapp, de Tumulus, de historesche Site zu Huelmes, de Site am Marienthal an d'Ansebuerg.

D'Visitt soll mam Bus organiséiert ginn, fir datt se fir all Awunner aus der Gemeng zougänglech ass. E Guide kéint d'Participante begleeden a spannend Erklärungen zu de verschiddene Siten ginn.

Nächsten Datum

Den Datum vun der nächster Sëtzung gëtt an der WhatsApp-Grupp festgeluecht..